

GEMENGEBUET

Duelem 01 / 2023



BIENVENUE
WËLLKOMM
WELCOME

OP EE BLÉCK

Wëllkomm	3	Bienvenue
D'Gemeng an Zuelen	8	La commune en chiffres
Matdeelungen	10	Avis
Aus dem Gemengerot	20	Du Conseil Communal
Réckbléck	38	Rétrospective
Informatiounen	54	Informations

IMPRESSUM

EDITEUR

Gemeng Duelem

LAYOUT

creative corner, Gréiwemaacher

DRECKEREI


Imprimerie Ossa, Nidderaanwen

OPLO

1000 Exemplairen

OS

PRINTED IN
LUXEMBOURG



WËLLKOMM

Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,

Als éischt wéilt ech lech alleguer e grouse Merci soen, fir dat Vertrauen, dat Dir mir bei de leschte Gemengewale geschenkt hutt. Et ass also mat vill Stolz, dass ech elo hei dat éischt Virwuert fir de Gemengebuet vun der Gemeng Duelem schreiwen.

Mat menger neier Missioun si mir och eng grouss Zuel un Erausforderungen uvertraut ginn. Während den éischte Méint vun dëser Legislaturperiod ass eng Zesummenaarbecht voller Motivatioun a Begeeschterung innerhalb vum Schäfferot entstanden, an dëst zesumme mat der Administratioun an dem Service technique.

Esou hunn ech elo déi grouss Éier fir lech déi éischt Ausgab vun eisem „Gemengebuet“ ze presentéieren. Domat geet eng nei Ära am Sënn vun der Transparenz an der kontinuierlecher Kommunikatioun mat eise Biergerinnen a Bierger un, mat Zil fir eis Gemeng méi interaktiv ze gestalten.

Dëse Buet wäert all Trimester erschéngen, a gëtt lech esou reegelméisseg en Iwwerbléck iwwer d'Projeten déi ofgeschloss oder amgaange sinn, an och déi, déi nach wäerte kommen. Ausserdeem wäerte mir lech Innovatioune presentéieren, déi en Impakt op eisem Alldag kënnen hunn. Ee vun dëse Projeten, un deene grad geschafft gëtt, ass zum Beispill e moduläert Schoulgebai, wat de Krittere vun enger moderner Schoul entsprécht an esou eise Kanner kuerzfristeg déi beschte Konditioune wäert bidden. Dëst Gebai wäert am September 2024 a Betrib geholl ginn.

Des weidere plange mir de Bau vun engem zousätzleche Schoulgebai, fir de wuessende Besoine vun eiser Gemeng gerecht ze ginn.

Déi nächst Etapp an der Digitalisatioun vun eiser Gemeng wäert et lech ab Mëtt 2024 erlaben, fir eis Aktivitéiten och mat Hëllef vun enger mobiller Applikatioun an engem neien Internetsite ze verfollegen.

Als Buergermeeschter ass et mir wichteg, fir d'Interessie vun de Biergerinnen an de Bierger an den Zentrum vun den Iwwerleeunge vun der Gemeng ze stellen. Dozou gehéiert natierlech och d'Verpflichtung zu engem verantwortungsbewossten Émgang mat de Gemeengefinanzen, mam Zil fir gerecht a richtig Entscheedungen ze treffen. Eis erwaart en neit Joer mat verschiddene Changementer an der Ëmsetzung vu ville Projeten. An dëser feierlecher Zäit wéll ech dës Geleeënheet notzen, fir lech, och am Numm vu menger Ekipp, schéi Chrëschtdeeg an en excellent Joer 2024 ze wënschen.

Mat menge beschte Gréiss,
Romain Kill

Buergermeeschter vun der Gemeng Duelem

BIENVENUE

Chères citoyennes, Chers citoyens,

Je tiens tout d'abord à vous remercier pour la confiance que vous m'avez témoignée lors des dernières élections communales. C'est donc avec une grande fierté que je rédige ma première préface pour le bulletin de la Commune de Dalheim.

Un grand nombre de défis me sont confiés dans cette nouvelle fonction. Une collaboration motivante et enthousiaste s'est mise en place pendant les premiers mois de cette législature au sein du nouveau collège échevinal ensemble avec notre administration et le service technique.



J'ai donc l'immense honneur de vous présenter la première édition de notre bulletin communal « Gemengebuet ». Il s'agit du début d'une nouvelle ère basée sur la transparence et la communication continue avec nos citoyennes et citoyens, afin de rendre notre commune plus interactive.

Ce bulletin communal vous parviendra trimestriellement. Grâce à lui vous serez régulièrement informés des projets terminés, en cours ou à venir, ainsi que de toute innovation pouvant être liée à notre quotidien. Un des projets en cours est par exemple la construction d'un bâtiment scolaire modulaire répondant aux critères d'une école

moderne, offrant ainsi à nos enfants les meilleures conditions à court terme. Ce bâtiment sera fonctionnel en septembre 2024.

De plus, nous envisageons par la suite la construction d'une école supplémentaire afin de répondre aux besoins croissants de notre commune.

La prochaine étape dans la digitalisation de notre commune vous permettra à partir de mi-2024 de suivre nos activités à l'aide d'une application mobile et d'un nouveau site internet. En tant que bourgmestre il m'importe de placer l'intérêt de mes concitoyennes et concitoyens au centre des préoccupations de la Commune. C'est pourquoi nous nous engageons également à gérer les finances communales de manière responsable en nous assurant de prendre des décisions justes et équilibrées. Une nouvelle année avec certains changements et la mise en œuvre de projets nous attend. En cette période festive je profite de l'occasion pour vous souhaiter au nom de mon équipe un joyeux Noël et une excellente année 2024.

Avec mes meilleures salutations
Romain Kill

Bourgmestre de la commune de Dalheim

Op dëser Plaz presentéiere mir lech de René Ernst, 1. Schäfte, an d'Peggy Olinger, 2. Schäfte

René Ernst, Dir sidd elo zënter de Gemengewalen 1. Schäfte vun der Gemeng Duelem. Wéi empfand Dir bis ewell d'Zesummenarbecht am Schäfferot?

Onkomplizéiert! Mir 3 harmonéieren iwwerraschenderweis ganz gutt mateneen. Dozou dréit natierlech bäi, dass eis Prioritéiten an Iwwerleeunge grosso modo déi selwecht sinn. Dir däreft mir déi Fro awer nach emol um Enn vun eiser Mandatszäit stellen (laacht). Ech sinn awer zouversichtlech dass sech u menger Ausso bis dohinner näischt geännert wäert hunn!

Wat si fir lech déi grouss Erausforderunge fir d'Gemeng Duelem fir déi nächst Joer?

Op éischer Plaz gesinn ech do ganz kloer de Budget, dat heescht de Finanzement an d'Ventilatioun vun de verschiddene Projeten iwwert d'Joren.

Dozou muss ee soen dass et de „perfekte“ Plang natierlech net gëtt! Déi grouss Linne mussen awer kloer virgi sinn.

Duerfir hu mir e sougenannten „Masterplang“, also e plan pluriannuel financier, dee sécherstellt, dass mir eis net selwer e Bee stellen.

Als Schäfferot hu mir vill Wëlles an awer mussen mer eis der Décken no strécken! Well d'Investissementer si plazeweis scho grouss.

Eng nei Schoul muss hier, Stroossen an Infrastrukture mussen dringend erneiert ginn, eise Patrimoine a generell eis 3 Dierfer mussen valoriséiert ginn.

Mir mussen Plaze schafe fir all Bierger, fir esou kënnen en Duerfliegen ze generéieren. An an an.

No dem Budget gesinn ech op der 2. Plaz déi ganz Maschinerie hannert eis als Schäfferot, ouni déi näischt géif entstoen. Domat mengen ech an éischer Linn de Gemengerot, d'Personal vun der Gemeng, déi extern Beroder, aner Verwaltungen an Instanzen, d'Entreprise, asw.

E wichtege Facteur ass do d'Reaktiounszäit vun deene verschiddenen Acteuren.



Op wéi eng Theme wäert Dir lech an Ärer Mandatszäit konzentréieren?

Säit ech politesch aktiv sinn, probéieren ech all Dag op en Neits ze kucken, wou den aktuelle Besoin ass. Wou de Schong dréckt. Domat ass och Ofwiesslung garantéiert.

Donieft ass et mir awer och wichteg, dass mir eis grouss, gemeinsam Zieler net aus den Ae verléieren, a parallel eis awer och ëm déi méi „kleng“ Problemer aus dem Alldag ze këmmern.

Mir hunn am Schäfferot eis Ressorte kloer opgedeelt, mä mir ënnerstëtzen eis awer och géigesäiteg, wéi aktuell zum Beispill beim Ausschaffe vum Budget.

Meng Ressorte sinn d'Finanzen, d'Waasser, d'Stroossen a Weeër mat hire jeeweilige Reseauen.

Wéi gesitt Dir den Zoustand vun der Gemeng haut, a wou géift dir d'Gemeng gär a 6 Joer gesinn?

Ech sinn der Meenung, dass mir eng immens schéi Gemeng hunn, déi awer leider bei ville Saachen immens am Réckstand ass. Ech denken, dass mir eis elo lues a lues, am Laf vun den nächste Jore wäerten op dee Punkt hi beweegen, wou ech d'Gemeng gäre géif gesinn.

6 Joer gi sécherlech net duer fir de ganze Wee ze goen! Mä Roum ass jo bekanntlech och net an engem Dag gebaut ginn.

Peggy Olinger, Dir sidd dëst Joer als Schëffin an der Gemeng Duelem gewielt ginn. Wat huet sech politesch fir Iech verännert?

No 12 Joer als Member am Gemengerot, hunn d'Awunner aus der Gemeng Duelem mir dëst Joer hiert Vertraue geschenkt fir d'Verantwortung am Schëfferot ze iwwerhuelen. 12 Joer laang wor ech ëmmer beméit, konstruktiv mam Schëfferot zesummenzeschaffen, dëst am Sënn vun den Awunner aus der Gemeng Duelem.

Et mëscht mech houfreg, déi nächst 6 Joer mat mengen zwee Kolleegen aus dem Schëfferot, d'Geschécker vun der Duelemer Gemeng ze féieren. De Schëfferot ass verantwortlech fir den Alldag vun der Gemeng ze garantéieren, huet awer och eng grouss Verantwortung fir déi kommend Joren.

Wéi gestallt sech den Alldag am Schëfferot?

Virop ass et wichtig, dat mir eis de bestoenden Dossieren unhuelen, déi virdrun nach net konnten ofgeschloss ginn. Dorënner falen ënnert anerem d'Verkëiersreglement, de PAG, déi verschidde Chantieren, souwéi och Personalfroen.

Aktuell ginn eng ganz Rei Gespréicher mat de verschiddensten Acteure gefouert. Wann néideg, ginn direkt Entscheedunge getraff an ëmgesat. Déi zukünfteg Projeten, wéi de Bau vun enger neier Schoul, Sportshal an Infrastrukturaarbechten, si mat engem enorme budgetären Impakt verbonden. Dofir wor eis d'Consultatioun vun engem Finanzberoder vum Inneministère wichtig, fir dat mir eng objektiv an aktuell Finanzanalyse presentéiert kréien.

Et ass wichtig verantwortungsvoll mat ëffentleche Gelder ëmzegoen, et soll net drëms goen no 6 Joer eppes ze presentéieren an d'Gemeng awer an eng finanziell schlecht Situatioun ze manövréieren. Mäin Zil ass definitiv de maximum ze realiséieren, ouni awer de kommende Generatiounen eng enorm Schold ze hannerloossen.



Wat sinn Är kommend Erwaardungen?

Ech wënsche mir fir déi kommend Joren eng konstruktiv Zesummenaarbecht mam Gemengerot. Transparenz a Kommunikatioun dem Gemengerot, wéi och de Gemengenawunner géigeniwwer si mir immens wichtig. Ech sinn dofir houfreg, dass mir et als Schëfferot fäerdeg bruecht hunn, bannen nëmme kuerzer Zäit e Gemegebuet an d'Liewen ze ruffen. Dat ass eng vun den Etappen, déi mir ons virgeholl hu fir ons Gemeng ze moderniséieren. Ech si ganz zouversichtlech, dat dat eréischt den Ufank ass vun engem interessante Parcours fir déi kommend Joren.

De Schäffen- a Gemengerot vun der Gemeng Duelem no de Gemengewale vum 11. Juni 2023

Gemengerot



Sonja
Barthel



Tracy
Bloomer



Nicolas
Dicken



Romain
Dicken



Francine
Ernster



Luc
Mangen



Gemeng
Duelem



Et si vous pouviez économiser de l'argent et de l'énergie ... grâce à la rénovation énergétique de votre domicile ?

Une bonne isolation augmente l'efficacité énergétique de votre maison et votre confort

Pour réduire les pertes de chaleur, investissez dans l'isolation de vos murs extérieurs, de votre toit, de vos fenêtres, de vos sols et de vos plafonds. Cela vous permettra d'économiser des frais de chauffage en hiver et d'assurer une sensation de chaleur plus uniforme. De plus, en été, vous pouvez réduire le risque de surchauffe des pièces d'habitation. Vous économisez donc non seulement de l'argent, mais vous améliorez également votre qualité de vie.

Pour démarrer votre projet de rénovation, renseignez-vous au préalable auprès de votre conseiller Klima-Agence sur les différentes étapes et possibilités de votre projet et faites-vous expliquer les aides dont vous pouvez bénéficier pour votre rénovation.

En outre, vous pouvez utiliser le simulateur d'aides Klima-Agence sur aides.klima-agence.lu pour avoir un aperçu des subventions étatiques, communales, des aides des fournisseurs d'énergie et du fonds nova naturstrom.

Choisissez un conseiller en énergie agréé (Klima-Agence certifié) qui vous assistera dans votre projet et pour votre demande d'accord de principe (obligatoire pour l'octroi des aides étatiques en matière d'isolation) auprès du Guichet unique des aides au logement ainsi que pour la demande des aides Klimabonus afin que votre rénovation soit un succès.

Remplacer votre chauffage au gaz ou au mazout vous rend moins dépendant de la hausse des prix de l'énergie

Vous pouvez remplacer votre chauffage fossile par une alternative durable, par exemple une pompe à chaleur géothermique ou une pompe à chaleur air-eau. Cela vous rend moins dépendant de la hausse des prix du pétrole ou du gaz. La technologie

des pompes à chaleur est éprouvée et l'installation de chauffage de référence pour les nouvelles constructions.

Vous pouvez également vous renseigner au préalable auprès de votre conseiller Klima-Agence pour en savoir plus sur les différentes alternatives de chauffage ainsi que sur les aides disponibles.

Contactez les artisans et demandez vos premiers devis. Demandez ensuite les autorisations nécessaires (si nécessaire) et faites réaliser les travaux. Une fois terminée, demandez les aides de l'État.

Plus d'informations sur klima-agence.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Conseil indépendant et gratuit
klima-agence.lu • 8002 11 90

D'Gemeng an Zuelen / La commune en chiffres

Nationalitéiten
Nationalités

54




2.367

Awunner
Résidents



Fläch
Superficie

18,98 km²



NEW


Nei Matbierger
Nouveaux résidents

198 (2022)



Menagen
Ménages

816




Gebuerthen
Naissances

21 (2022)




Stierffäll
Décès

14 (2022)




Hochzäiten
Mariages

9 (2022)



Alterspyramid vun der Gemeng



Schoulretrée zu Duelem

No der Summervakanz war de 15. September 2023 d'Schoulretrée fir d'Léierpersonal an 201 Schüler:

23 Schüler am Precocé	30 Schüler - Cycle 2.2
20 Schüler - Cycle 1.1	25 Schüler - Cycle 3.1
23 Schüler - Cycle 1.2	19 Schüler - Cycle 3.2
27 Schüler - Cycle 2.1	14 Schüler - Cycle 4.1
	20 Schüler - Cycle 4.2

MATDEELUNGEN / AVIS

Commemoratiounsdag

Sonndes de **15. Oktober 2023** huet d'Gemeng Duelem wéi all Joer un di verstuerwen Affer aus dem zweete Weltkrich erënnert.

An engem Cortège, zesumme gesat vu Memberen aus dem Schännerot, dem Gemengerot, de Scouten a Matbierger aus der Gemeng, dee vun de Pompjeeën ugefouert a musikalesch begleet vun der Fanfare Gemeng Duelem ginn ass, ass et vun der Gemeindeplaz erop an déi Duelemer Kierch gaange wou eng Mass am Gedenke vun den Affer ofgehale gouf.

No der Mass, di vun der Chorale Duelem musikalesch ënnermoolt gouf ass eng Gerbe niddergeluecht ginn an den Här Buergermeeschter huet eng Ried gehalen am Gedenken un all di gefalen Affer.

Fir all déi Leit déi net konnten um Dag dobäi sinn, hei d'Ried vum Här Kill:

„Dir Dammen an Hären aus dem Schaffen- a Gemengerot, Här Paschtouer, Léif Membere vun der Fanfare an dem Gesangsveräin, Léif Pompjeeën, Léif Scouten, Léif Membere vun deene verschiddenen Veräiner an Associatiounen, Léif Duelemer, Welfrenger a Fëlschdrefer Bierger, Dir Dammen an Hären,

Den 10. Oktober 1941 huet de Gauleiter Simon e Recensement organiséiert, fir d'« Personenstandsaufnahme » ze huelen.

Mam Resultat vum Recensement war deemools net ze rechnen.

Och wann et eng éischt Victoire fir eist Land géigeniwwer sengem Besetzer war, ass no dësem Vott den Terror vum Occupant vis -à-vis de Lëtzebuenger vill méi grausam ginn.

Jonk Männer, gebuer tëschent 1920 an 1927 sinn ab August 1942 vum Occupant Däitschland zwangsrekrutéiert ginn.

Se kruten déi däitsch Nationalitéit a si géint hire Wëlle fir Däitschland an de Krich gezunn.

An eiser Gemeng sinn deemools 70 Jongen zwangsrekrutéiert ginn.

Vill Jonge sinn net méi zréck komm, an dräi ginn der bis haut vermësst.

D'Gemeng seet all de Leit Merci déi duerch hier Presenz all Joer mathëllefen den nationale Commemoratiounsdag am Bewosstsinn ze halen.



© Sacha Georges

Mat deem ganze Leed wat dat fir Famillen, Pappe, Mammen a Kanner deemools an eiser Gemeng mat sech bruecht huet.

Dofir gedenke mir all Joers den 10. Oktober, den Dag vun der Journée de la Commémoration nationale, un déi Leit déi hiert Liewe fir eis Heemecht a fir eis Fräiheet gelooss hunn.

Et gétt ëmmer manner Leit, déi sech nach kënnen un dës Zäit erënnere, an déi eis dervun erziele kënnen.

Wa mer eis e Bild dervu wëlle maachen, musse mer op Bicher zeréckgräifen, op geschriwwen Memoirë vun Zäitzeien an Historiker.

Mir däerfe souwuel dës schlëmm Etapp fir eist Land, wéi och déi Leit net vergiessen, an dat ass e groussen Challenge.

Mir musse feststellen, dass d'Journée de la Commémoration leider net méi dee grouse Stellewäert huet, mat deem dësen Dag fréier gefeiert gouf.

Eng wichteg Aufgab läit bei der Politik, der Relioun a bei der Educatioun, dofir ze suergen, dass dëst Thema ugeschwat gëtt an eis Kanner och spéider nach eng Äntwert kënnen op d'Fro gi : « Wat ass d'Journée de la commémoration nationale? » .



D'Bedeutung gëtt engem bewosst, zemools an dësen Zäite wou net manner wéi dëse leschte Week-end eis an Israel an der Gazasträif d'Grausamkeet vu Krich an Terror virun Ae gefeuert gouf.

Säit laanger Zäit war ee Krich ënnert anerem ob europäeschem Buedem net méi esou no wéi den Ukrain-Krich, deen elo schonns bal 2 Joer undauert.

Dofir dierfe mir nimools déi Mënsche vergiessen, déi hiert Liewen an dëser schrecklecher Zäit gelooss hunn, fir datt mir mat eise Familien, Kanner, Partenairen a Frënn bis haut a Fridden zesumme kënnen liewen.

De 16. Abrëll 1945 sot d'Grande-Duchesse Charlotte : « Je m'incline devant les victimes et héros de la Patrie et devant le deuil de leurs familles. Leur sang n'aura pas été versé en vain ».

Ob dës Wieder vun eiser Grande Dame hin invitéiere mer iech häerzlech an eise Centre culturel fir gemeinsam a solidaresch en Memoire fir eis gefale Lëtzebuerger Jongen nach e bësschen zesummen ze bleiwen.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren."





Wandpark Duelem

Das Projekt „Wandpark Duelem“ geht in die finale Phase, bis zum Ende des Jahres 2023 sollen alle 5 Windkraftanlagen drehen und grünen Strom für die Gemeinde Dalheim produzieren. 16 Monate hat es gedauert bis die 206,5m hohen Anlagen rund um Dalheim herum in die Höhe ragten. Im Juni 2022 wurde mit den Infrastrukturarbeiten begonnen, über die Wintermonate wurden die Fundamente der Anlagen gegossen und ab April 2023 wurde mit dem Turmbau begonnen. Mitte Oktober wurde das letzte Rotorblatt angebracht und somit der Bau der 5 Anlagen abgeschlossen.

Alle fünf Anlagen sind Anlagen vom Typ ENERCON E-115 mit einem Rotordurchmesser von 115m, einer Nabenhöhe von 149m und einer installierten Gesamtleistung von 4,2 MW. Die geschätzte jährliche Energieproduktion für eine Windkraftanlage liegt bei über 7 Millionen kWh, was einem jährlichen Durchschnittsverbrauch von circa 1.626 Haushalten (bzw. von umgerechnet rund 6.500 Personen) entspricht – und somit CO₂-Einsparungen von rund 4.759 Tonnen mit sich bringen wird. Das Gesamtprojekt ermöglicht somit über 25 Jahre eine jährliche Durchschnittsproduktion von rd. 36,6 Millionen kWh grünen Strom, was dem Stromverbrauch von 32.500 Menschen entspricht. Somit wäre mehr als 10-mal der Strombedarf der Gemeinde Dalheim mit ihren 2400 Einwohnern abgedeckt. Entsprechend kann auch ein Teil des Strombedarfs der Einwohner der Nachbargemeinden abgedeckt werden.

Im Vorfeld wurden detaillierte Umwelt- und Windstudien lokal durchgeführt. Ein strenges Restriktionsverfahren legt hierbei u. a. Pufferzonen um besiedelte Gebiete fest und schließt sie somit für die Planung aus. So konnten 5 der initial 8 sorgfältig ausgewählten Standorte in der Gemeinde zurückbehalten werden. Wichtig für die SOLER S.A. ist bei allen Projekten, die nationalen Grenzwerte in Bezug auf Schall und Schattenwurf einzuhalten, wie auch den Umweltschutz umfassend zu gewährleisten. Diese Kriterien sind in der Tat entscheidend für die Wahl der Standorte. Um dem Umweltschutz Rechnung zu tragen, wurden auch umfangreiche Kompensationsmaßnahmen für Vögel und Fledermäuse umgesetzt: 12ha Staffelmahd, Anpflanzen von 200 Obstbäumen, Anpflanzung von 2km Heckenstrukturen, Absicherung von 3 Altholzinseln und das Anlegen eines 1ha



Stillgewässers. Die SOLER S.A. an dem die SEO und ENOVOS Luxembourg je zur Hälfte beteiligt sind, setzt auf ein partnerschaftliches Windparkprojekt, d. h. sie steht zum einen während der Entwicklung, dem Bau und dem späteren Betrieb in regelmäßigem Kontakt zu den Gemeindeverantwortlichen und den Bürgern der betroffenen Gemeinden. Die Gemeinde Dalheim steht seit dem ersten Termin im Schöffenrat 2012 fest hinter dem Projekt. Auch über den langjährigen Genehmigungsprozess dieses Projektes (11 Jahre) hinweg, hat die Gemeinde das Projekt stets unterstützt und die Bürger wurden auch schon 2013 mittels einer Informationsversammlung über das Vorhaben in Kenntnis gesetzt. Der stätige Austausch mit der Gemeinde ermöglichte es sowohl die Gemeinde wie auch die Bürger auf dem aktuellen Stand zu halten, was die umfangreichen Studien und Genehmigungsanträge angeht.

Ein weiterer wichtiger Punkt des partnerschaftlichen Konzepts des „WANDPARK DUELEM“ besteht darin der Gemeinde Dalheim wie auch den Bürgern der Gemeinde Dalheim die Möglichkeit zu bieten sich am Kapital der Gesellschaft zu beteiligen Ein Jahr nach der Inbetriebnahme werden die Einwohner zu einer weiteren Informationsversammlung eingeladen, wo das erste Betriebsjahr zeigt ob die Prognosen und somit die Renditeerwartungen sich bestätigen, dies ermöglicht es das Risiko der Investition für die Bürgerinnen und Bürger so gering wie möglich zu halten.

Schlüsseldaten

- Baubeginn: Juni 2022
- geplante Inbetriebnahme Dezember 2023
- Nabenhöhe: 149 m
- Gesamthöhe: 206,5 m
- Rotordurchmesser: 115 m (Rotorblattlänge 57,5m)
- Gesamtleistung: 21 MW (die einzelne Anlage besitzt 4,2MW)
- Jährliche Energieproduktion: 36,6 Millionen kWh
- Vergleichbar mit dem jährlichen Durchschnittsverbrauch von circa 8.133 Haushalten (32.500 Personen)
- Jährliche CO²-Einsparung: 23.794 Tonnen



Chantier Welfrange

Chers habitants,
Comme vous avez sûrement remarqué, le projet du réaménagement des rues Réimecherwee, Onner Gard et Saangewee à Welfrange se concrétise de plus en plus.

Ce projet d'envergure vise à façonner un cadre urbain plus convivial, sûr et agréable en vue de répondre aux besoins actuels et futurs des habitants de Welfrange, tout en préservant le charme traditionnel de la localité.



1. Renouvellement de la voirie publique :

Cette phase englobe le renouvellement des surfaces de l'ensemble de la voirie publique comprenant notamment le revêtement de la chaussée en enrobés, la mise en place de trottoirs en pavés en pierre naturelle et en béton tambourinés à l'ancienne pour certains tronçons avec des bordures de délimitation en granit.


2. Renouvellement de l'infrastructure souterraine :

Cette phase concerne le renouvellement complet du système d'assainissement afin de gérer efficacement les eaux pluviales et usées par des canalisations séparées.

De plus, les réseaux de distribution d'eau potable et de gaz naturel, de même que les câbles d'électricité, des télécommunications ainsi que de l'antenne collective sont également renouvelés et raccordés aux réseaux déjà existants.

Il est important de souligner que, malgré les efforts déployés, des chantiers d'une telle ampleur ne sont pas exempts d'obstacles et d'imprévus.

C'est pourquoi, la collaboration active et la compréhension de tous les résidents sont essentielles pour achever ce projet d'envergure de modernisation des infrastructures à Welfrange.



Avec le Smarty+, connectez-vous à la transition énergétique !

Creos, ensemble avec les autres GRD luxembourgeois, vient de lancer Smarty+, un dongle à brancher sur le compteur électrique intelligent Smarty. A l'aide de l'application du même nom, le client peut consulter avec Smarty+ en temps réel ses données énergétiques sur sa tablette ou son smartphone et les télécharger.

Smarty+ va permettre à l'utilisateur de garder un œil sur sa consommation énergétique, de déterminer ses grands consommateurs et de superviser la production de son installation photovoltaïque. Smarty+ incite aussi à améliorer son comportement journalier pour réduire la consommation à un minimum et faire des économies.

En adaptant sa consommation aux temps de production des énergies renouvelables ou en partageant ses données avec son GRD ou des instituts de recherche, le client contribue activement à la réussite de la transition énergétique. Le partage volontaire de ses données avec son GRD lui aidera à estimer plus précisément la charge réelle sur le réseau de distribution et d'utiliser les capacités du réseau existant plus efficacement. Son application est désormais disponible dans l'Apple Store et Google Play Store.

Vous voulez en savoir plus ?
Alors, rendez-vous sur le site:
www.smartyplus.lu

En quoi consiste Smarty+ et quels sont ses avantages ?

Smarty+ a été développé par NEXXTLAB, une structure flexible, à mi-chemin entre le laboratoire d'idées et la start-up, créée conjointement par Creos et Powerdale. Il consiste en un petit appareil de lecture, un dongle, qui se branche en un clic au port P1 du compteur intelligent d'électricité Smarty. La connexion se fait de manière très simple via le réseau wifi privé sans l'intervention d'un électricien ou du gestionnaire de réseau de distribution (GRD). Grâce à son application correspondante Smarty+ disponible gratuitement sur l'App Store (iOS) et Google Play Store (Android), vous pourrez consulter en temps réel sur votre tablette ou votre téléphone mobile vos données énergétiques présentées sous forme de graphiques. Vous pourrez ainsi mieux gérer votre consommation, améliorer votre comportement journalier, identifier au sein de votre logement les appareils les plus énergivores et réaliser des éco-

nomies. Si vous produisez également de l'énergie, vous pourrez superviser la production de votre installation photovoltaïque et dès lors mieux adapter votre consommation à votre production pour réduire votre empreinte environnementale.

Smarty+ enregistre-t-il également les données relatives à la consommation de gaz ?

Oui, à condition bien entendu que vous disposiez d'un compteur intelligent de gaz et que votre gestionnaire de gaz ait débloqué sa communication (sur simple demande). Dans ce cas, aucun dongle supplémentaire n'est à prévoir, le compteur intelligent de gaz étant connecté automatiquement au compteur intelligent d'électricité via le protocole M-Bus. La seule différence va résider dans la fréquence de transmission des données : en temps réel pour l'électricité, soit toutes les 10



secondes, et toutes les 15 minutes pour le gaz. Par la suite, le dongle pourra lire les données des compteurs d'eau et du chauffage urbain lorsque ceux-ci deviendront intelligents.

Que je veuille ou non partager mes données, leur confidentialité est-elle garantie ?

Absolument. La confidentialité a été un point très important du projet Smarty+. L'ensemble des données du client disponibles via le port P1 du compteur intelligent est entièrement crypté selon la norme avancée AES128-GCM (clé de chiffrement sécurisé et compteur de trames dédié). Le dongle transfère les données à une plateforme cloud hébergée au Luxembourg en utilisant une communication sécurisée via HTTPS. Depuis ce cloud, les données sont ensuite transmises à l'application Smarty+. Vous êtes le seul à pouvoir

consulter vos données sauf si vous avez décidé de les partager. Dans ce cas, la communication aux prestataires de services se fait via une interface sécurisée. La conformité aux exigences du Règlement Général sur la Protection des Données (RGPD) a aussi été intégralement respectée. À tout moment, vous pouvez recevoir sur demande un fichier journal contenant toutes les données récupérées sur votre compteur intelligent. De même, vous avez à tout moment l'option de faire effacer toutes vos données et de quitter la plateforme cloud.

Habitants de la commune de Dalheim, comment peut-on obtenir gratuitement un Smarty+ ?

L'Administration Communale de Dalheim et le Klimateam vous mettent gracieusement à votre disposition quelques SMARTY+. La quantité est limitée et pour pouvoir profiter de cette occasion unique vous devez habiter la Commune de Dalheim et il faudra faire une demande écrite au Collège échevinal par voie électronique à l'adresse e-mail smarty@dalheim.lu en indiquant votre nom et adresse. Les demandes seront traitées dans l'ordre de l'arrivée de vos courriers électroniques. La Commune ne s'occupera pas de la mise en service du SMARTY+.

Klimateam Gemeng Duelem



smarty+

Konsultativ Kommissiounen

Déi konsultativ Kommissiounen vun der Gemeng Duelem fir d'Period 2023-2029 sëtze sech folgendermoossen zesummen:

Bauten- an Ëmweltkommissioun / Commission de l'urbanisme et de l'environnement

- DICKEN Nicolas
- FRIEDERICI Michelle
- HARSCH Jean-Paul
- KARMEYER Guy
- LANGE-GENDROT Catherine
- MANGEN Luc
- ROD Danielle
- VANDIVINIT Charel
- WAGNER Jean-Pierre

Kommissioun vun der Egalitéit a vum interkulturellen Zesummeliewen / Commission de l'égalité et du vivre-ensemble interculturel

- BARCLAY Jane
- BIERMANN Gaby
- BLOOMER Tracy
- CARRILLO DELGADO Isabel
- CUKIER Marc
- DOS SANTOS Anabela
- HERMES René
- JAKUBOWICZ Mireille
- KAÏSERLOGLOU Aikaterini
- LEKIASHVILI Tamar
- MATHER-PRATSCH Marion
- REDINGER Lindsay
- SCHMIT Romaine
- STEINMETZ Flora
- VETERE Elena Gabriela

Kommissioun fir Kultur, Patrimoine an Tourismus / Commission de la culture, du patrimoine et du tourisme

- BEZIRGANI Nina
- DICKEN Nicolas
- HALTER Alexandre
- HERMES-ZIMMER Christiane
- KARMEYER Georges
- KNOEPFFLER Christian
- LENERT John
- MOES Viviane
- SASSEL-ARENDET Colette
- SCHULER Roby
- WAX Joëlle

Jugend- a Sportskommissioun / Commission de la jeunesse et des sports

- ANKOVA Zinaida
- BALVE Gina
- DICKEN Romain
- GEORGES Tammy
- LEKIASHVILI Tamar
- LUDWIG Isabelle
- PIERRECIN Benty
- SIDON Jill
- WEBER Mike

Kommissioun fir Mobilitéit, Gemengeweër, Sécherheet a Präventioun / Commission de la mobilité, des chemins communaux, de la sécurité et de la prévention

- BIWER Georges
- BLOOMER Tracy
- GEORGES Sacha
- HERMES René
- KARMEYER Guy
- LANGE Jean Michel
- REGER Lucien
- SCHUH Christopher
- STEICHEN Tom
- VANDIVINIT Luc
- WILDGEN Marcel

Finanzkommissioun / Commission des finances


- ARAUJO Carla Sofia
- DICKEN Nicolas
- FAVINHA DE SOUSA Carlos
- FERREIRA Jorge
- GODIN Olivier Georges Marcel
- MANGEN Luc

Drëttalterskommissioun / Commission du troisième âge

- BARTHEL Sonja
- BLOOMER Tracy
- FISCH Cynthia
- KILL Romain
- KNOEPFFLER Christian
- WILDGEN-BENNING Nicole

Schoukkommissioun / Commission scolaire

- FOETZ Myriam
- HERMANN-SCHORTGEN Patricia
- LOCHER Janine
- RASSEL Romaine



GEMENGEROTSSÄTZUNG

20. September 2023

Öffentlech Sëtzung:

1. Informatiounen un de Gemengerot

De Buergermeeschter huet d'Sëtzung opgemaach a vun der Geleeënheet profitéiert, fir dem fréiere Schäfferot an dem fréiere Gemengerot fir hir Aarbecht Merci ze soen an huet säi Wëllen ervirbruecht, zesumme mam Gemengerot, konstruktiv an effikass am Interessi vun all Bierger aus der Gemeng an de kommende Joren ze schaffen.

Duerno huet de Buergermeeschter deem ganze Gemengepersonal Merci gesot fir hier alldeeglech Hëllef dem Schäfferot géigeniwwer, fir dësem ze erméiglechen, sech an déi lafend Dossieren eranzeschaffen.

Hien huet uschléissend d'Kompetenzberäicher vum neie Schäfferot opgezielt:

— Romain Kill:

Öffentlech Sécherheet
Personal
Budget
Mobilitéit
Kultur
Schutz vun der Natur an de Bëscher
Koordinatioun Naturpakt
Chancëgläichheet
Drëtten Alter

— René Ernst:

Finanzen
Stroossen
Reseauen (Elektresch, Antenn, Kanalisatioun, Waasser)
Gestioun vum Waasser

— Peggy Olinger:

Grondschool an SEA
Jugend, Energie a Klimapakt
Koordinatioun Klimapakt
Gestioun vum Offall
Veräinsliewen a Benevolat

PRESENT:

Här Romain KILL, Buergermeeschter, Här René ERNST, Madamm Peggy OLINGER, Schäffen,

Madamm Sonja BARTHEL, Madamm Tracy BLOOMER, Här Nicolas DICKEN, Här Romain DICKEN, Madamm Francine ERNSTER, Här Luc MANGEN, Conseilleren,

Madamm Joëlle NICLOU, Gemengesekretärin

De Buergermeeschter huet de Gemengerot an d'Bierger weider iwwer verschidden Dossieren informéiert, mat deenen de Schäfferot während sengen éischten zéng Mandatswoche konfrontéiert war:

- a) De Schäfferot hat eng éischt Reunion betreffend de Bebauungsplang (PAG) mam Büro TR ENGINEERING.
- b) De Schoulbuet krut een neit Gesiicht.
- c) D'Baugeneemegung fir d'Statioun vum Packup ass ausgestallt ginn.
- d) Verschidde Reunionen si mat engem Verrieder vum nationalen Institut fir den architektonesche Patrimoine gehale ginn. Nom Brand an der aler Schoul zu Welfreng vum 1. September 2022 baut d'Gemeng, als Präventioun, eng Tëschemauer ënnert dem Daach vun der aler Schoul, fir d'Iwwergräife vun engem Feier vun deem engen an dat anert Gebai (al Schoul a Kierch) ze vermeiden.
- e) Um Kierfecht zu Duelem, deen d'Gemeng wëlles huet ze schützen, gëtt eng Streewiss amenagéiert.
- f) De Schäfferot huet Kontakt mam Schäfferot vun der Stad Arel (Belsch) opgeholl, fir iwwer eng Zesummenaarbecht an engem europäesche kulturelle Projet (INTERREG) ze schwätzen, mam Zil den touristesche gallo-réimesche Patrimoine an den zwou Gemengen opzewäerten.
- g) Zwou penal Plainten si gemaach ginn, all Kéiers wéinst Vandalismus. Eng Kéier war de gallo-réimeschen Theater betraff an eng Kéier d'Terrass vum Jugendhaus.

h) De Schäfferot huet sech de 25. Juli 2023 mat de Verrieder vun de siwe Gemengen aus dem Kanton Réimech getraff. Et ass virgesinn, dass dës Gemengen sech reegelméisseg zesummefanne fir sech auszetauschen an zesummen ze schaffen. Déi nächst Reunioun ass den 10. Oktober 2023 zu Lenneng virgesinn.

i) De 24. Oktober 2023 ass eng Reunioun virgesi mat Ponts et Chaussées, wou iwwer den Zoustand vun de Stroossen an d'Situatioun betreffend de Verkéier an den dräi Uertschafte vun der Gemeng geschwat gëtt.

2. „Tableau de préséance”

De Gemengerot huet den neien „tableau de préséance,, eestëmmeg ugeholl.

3. Internt Gemengerotsreglement

De Gemengerot huet dat neit internt Gemengerotsreglement eestëmmeg ugeholl.

4. Grënne vun de verschiddenen berodende Gemengekommissiounen

De Gemengerot huet eestëmmeg entscheet, folgend berodend Gemengekommissiounen ze grënnen:

Finanzkommissioun (9 Memberen), Bauten- an Ëmweltkommissioun (9 Memberen), Kommissioun fir Mobilitéit, Gemengeweeër, Sécherheet a Präventioun (11 Memberen), Jugend- a Sportskommissioun (9 Memberen) Kommissioun fir Kultur, Patrimoine an Tourismus (11 Memberen), Drëttalterskommissioun (9 Memberen), Kommissioun vun der Egalitéit a vum interkulturellen Zesummeliewen (15 Memberen)

5. Stand vun den ausstoende Recetten

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, dem Gemengereceveur Decharge ze gi fir de Betrag vun 176,40 € betreffend den ordinäre Service.

6. Verriedung an de Gemengesyndikater - Nominatioun

De Gemengerot huet eestëmmeg d'Kandidaten, déi d'Gemeng Duelem zukünfteg an de Gemengesyndikater verrieden, wéi folgt ernannt:

- Den Här Romain KILL (Buergermeeschter) wäert d'Gemeng am SIAS (Syndicat Intercommunal à vocation multiple) verrieden.

- D'Madamm Peggy OLINGER (Schäffen) wäert d'Gemeng fir ee komplett Mandat vu sechs Joer am SIAER (Syndicat Intercommunal ayant pour objet la création, l'aménagement,

la promotion et l'exploitation d'une zone d'activités économiques à caractère régional dans le canton de Remich) verrieden, woubäi dat zweet Mandat iwwer dat d'Gemeng Duelem verfüegt, opgedeelt gëtt tëschent dem Här Nicolas Dicken (Conseiller) fir déi éischt dräi Joer an dem Här Luc Mangan (Conseiller) fir déi lescht dräi Joer.

- Den Här René Ernst (Schäffen) wäert d'Gemeng am SIDERE (Syndicat Intercommunal pour la Distribution d'Eau potable dans la Région de l'Est) verrieden.

- Den Här René Ernst (Schäffen) wäert d'Gemeng am SIDEST (Syndicat Intercommunal de Dépollution des eaux résiduaires de l'Est) verrieden.

- Den Här Romain KILL (Buergermeeschter), den Här René ERNST an d'Madamm Peggy OLINGER (Schäffen) wäerten d'Gemeng am SIFRIDAWÉ (Syndicat Intercommunal à vocation multiple pour l'assainissement de la commune de Frisange et de parties des communes de Dalheim et de Weiler-la-Tour, desservies par la construction, l'entretien et le fonctionnement d'une station d'épuration biologique en aval de la localité d'Aspelt) verrieden.

- D'Madamm Peggy OLINGER (Schäffen) wäert d'Gemeng am SIGRE (Syndicat Intercommunal pour la gestion des déchets ménagers, encombrants et assimilés en provenance des communes de la région de Grevenmacher, Remich et Echternach) verrieden.

7. Klimateam

De Gemengerot huet eestëmmeg festgehalten, dass d'Klimateam 2.0 sech zesummesetzt aus Awunner aus der Gemeng Duelem, Memberen aus dem Gemengerot, Verrieder aus der lokaler Wirtschaft, Gemengepersonal, a geleet gëtt duerch den externe Klimaberoder an Zesummenaarbecht mam politesche Verrieder vun der Gemeng Duelem.

8. Verriedung am Comité vun der B.I.R.K. Asbl - Nominatioun

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, den Här Romain KILL (Buergermeeschter) an den Här Nicolas DICKEN (Conseiller) als Verrieder vun der Gemeng am Comité vun der B.I.R.K. Asbl (Beschäftigungs Initiative Réimecher Kanton) ze ernennen.

9. Verriedung am Comité vun der Syrdallheem Asbl - Nominatioun

De Gemengerot huet eestëmmege beschloss, d'Madamm Francine Ernster (Conseillère) an den Här Luc Mangan (Conseiller) als effektiv Verrieder vun der Gemeng am Comité vun der Syrdallheem Asbl ze ernennen. D'Madamm Sonja Barthel (Conseillère) ass als délégué suppléant ernannt ginn.

10. Verriedung am Comité vum ORT - Nominatioun

De Gemengerot huet eestëmmege beschloss, den Här Romain Kill (Buergermeeschter) als effektive Verrieder vun der Gemeng am Comité vun der ORT Asbl (Office Régional du Tourisme Région Moselle luxembourgeoise) an d'Madamm Francine Ernster (Conseillère) als délégué suppléant fir d'Generalversammlung vun der ORT Asbl ze ernennen.

11. Verdeele vum politesche Congé am Gemengerot

De Gemengerot huet eestëmmege beschloss, de politesche Congé vun néng Stonne pro Woch zu Gonschte vum Gemengerot, virgesinn am Artikel 3bis vum ofgeännerte groussherzogleche Reglement vum 6. Dezember 1989 betreffend de politesche Congé vun de Buergermeeschter, Schäffen a Gemengerotsconseillere, wéi folgt opzedeelen:

1 Stonn/Woch zu Gonschte vun der Madamm Sonja Barthel,

1 Stonn/Woch zu Gonschte vun der Madamm Tracy Bloomer,

3 Stonnen/Woch zu Gonschte vum Här René Ernst,

1 Stonn/Woch zu Gonschte vum Här Luc Mangan,

3 Stonnen/Woch zu Gonschte vun der Madamm Peggy Olinger.

12. Validatioun vun der definitiver Lëscht vun de Schüler aus der Grondschoul vun der Gemeng Duelem fir d'Schouljoer 2023/2024

De Gemengerot huet eestëmmege beschloss, déi definitiv Lëscht vun de Schüler aus der Grondschoul vun der Gemeng Duelem fir d'Schouljoer 2023/2024 ze validéieren.

13. Validatioun vun den Arbechtsposten vun zwee Grondschoulenseignant an engem Erzéier an der Grondschoul


a) Acte de vente source Loubur

Le conseil communal a approuvé à l'unanimité des membres présents l'acte notarié de vente du 10 octobre 2023 entre l'administration communale de Dalheim d'un côté et l'administration communale de Remich de l'autre côté, par lequel l'administration communale de Dalheim achète pour le prix de vente portant sur un montant total de 37.800 € (trente-sept mille huit cents euros) les quatre parcelles suivantes inscrites au cadastre de la commune de Dalheim, section B de Dalheim :

- le numéro 230/1016, lieu-dit « Op der Louerei », jardin, d'une contenance de 20,50 ares,
- le numéro 233/3473, lieu-dit « Im Bombasch », jardin, d'une contenance de 13,85 ares,
- le numéro 246, lieu-dit « Im Bombasch », jardin, d'une contenance de 2,85 ares,
- le numéro 2462/2811, lieu-dit « Unterste Heedscheuer », terres labourables, d'une contenance de 38,40 ares.

Le captage de la source Loubour, référencé avec le numéro SCC-132-09 par l'administration de la gestion de l'eau est situé sur la parcelle inscrite au cadastre de la Commune de Dalheim, section B de Dalheim, 230/1016, lieu-dit « Op der Louerei », jardin, d'une contenance de 20,50 ares.

b) Compromis de vente

Le conseil communal a approuvé à l'unanimité des membres présents le compromis de vente du 7 novembre 2023 entre l'administration communale de Dalheim d'un côté et les consorts Entringer de l'autre côté portant sur les objets suivants :

- Une parcelle sise à Welfrange, inscrite au cadastre de la commune de Dalheim, section C de Welfrange, sous le numéro 992/974, lieu-dit „Ob Birkendriesch“, terre labourable selon le classement de l'administration du cadastre et de la topographie mais actuellement boisée, d'une contenance de 6,10 ares pour le prix de 1.830,00.-Euro (mille huit cent trente Euro) sur base d'un prix unitaire de 300,00.- Euro pour l'are.

- Une parcelle sise à Ellange, inscrite au Cadastre de la Commune de Mondorf-les-Bains, section A d'Ellange, sous le numéro 885/5189, au lieu-dit „Päipelsgruef“, bois, d'une superficie de 7,43 ares pour un prix de 2.229,00.-Euro (deux mille deux cent vingt-neuf Euro) sur base d'un prix unitaire de 300,00.-Euro pour l'are.

c) Compromis d'échange

Le conseil communal a approuvé à l'unanimité des membres présents le compromis d'échange du 7 novembre 2023 entre l'administration communale de Dalheim d'un côté et les consorts Brandenburger et Dublin de l'autre côté et portant sur les parcelles suivantes :

- Une parcelle sise à Filsdorf, inscrite au cadastre de la commune de Dalheim, section D de Filsdorf, sous le numéro 1297/4044, lieu-dit „Woneschwee“, place voirie, d'une contenance de 0,72 ares.
- Une parcelle sise à Filsdorf, inscrite au cadastre de la commune de Dalheim, section D de Filsdorf, sous le numéro 1297/4046, lieu-dit „Woneschwee“, place voirie, d'une contenance de 0,37 ares.

Ces prédites parcelles sont cédées par les consorts Brandenburger et Dublin d'un côté, contre :

- une parcelle sise à Filsdorf, inscrite au cadastre de la commune de Dalheim, section D de Filsdorf, sous le numéro 1297/4048, lieu-dit „Brill“, pré, d'une contenance de 1,09 ares.

- Cette prédite parcelle est cédée par l'administration communale de Dalheim;

- Vu que les parcelles précitées échangées sont de surface globale égale de même que leurs valeurs unitaires, l'échange a lieu sans soulte.

7. Titres de recettes

Le conseil communal a approuvé à l'unanimité des membres présents par un vote en bloc les titres de recettes pour l'année 2023, énumérés ci-après :

1/590/161000/13001	Aides Pacte Climat	35.947,81 €
2/120/702800/99001	Ventes diverses	6.015,00 €
2/120/702800/99001	Ventes diverses	3.105,20 €
2/120/748380/99001	Remboursements divers	16.744,15 €
2/836/744611/99001	Participation de l'Etat dans les frais de l'enseignement musical	1.371,76 €
2/930/744612/99001	Allocations de l'Etat	4.119,67 €
		67.303,59 €

8. Subsidés et Dons

Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents d'accorder aux associations sans but lucratif suivantes un don de 100.-€ :

- APEMH Fondation
- Fleegeelteren Lëtzebuerg a.s.b.l.
- Ile aux Clowns a.s.b.l.
- Jugend Pompjeen Gemeng Konsdref
- Objectif Tiers Monde – OTM Haiti
- UGDA Fondation

9. Confirmation de règlements de circulation

Le conseil communal a approuvé à l'unanimité des membres présents par un vote en bloc les règlements de circulation suivants:

le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue „Om Kläppchen“ à Dalheim, le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue „Péiteschbiërg“, le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue „Robert Wiget Strooss“ à Dalheim, le règlement de circulation à caractère temporaire dans les rues „Munnerëferstrooss“ et „Kiirchestrooss“ à Filsdorf, le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue „Aale Wee“ à Filsdorf, le règlement de circulation à caractère temporaire dans les rues „Réimecherwee“, „Kiircheplaz“ et „Onner Gard“ à Welfrange et le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue „Hossegaass“ à Dalheim.

Chaque année, la police enregistre plus de 1000 accidents avec du gibier au Luxembourg.

C'est notamment à la tombée de la nuit que du gibier peut être rencontré sur la route à la recherche de nourriture ou d'un lieu de repos.

Cependant, il faut également être prudent lors de mauvaise visibilité (brouillard, pluie ou neige) tôt le matin ou le soir, ainsi que la nuit.

De plus, pendant la saison de chasse, il se peut que des animaux effrayés traversent la route.



POUR RÉDUIRE LE RISQUE D'ACCIDENTS AVEC DU GIBIER, LA POLICE RECOMMANDE :

Rouler plus lentement

Les panneaux signalant des passages de gibier ou des chasses doivent être pris au sérieux. Sur les tronçons de route concernés, la vitesse doit être adaptée. L'homme et les animaux ont plus de temps et d'espace pour réagir lorsque la vitesse est réduite. De plus, la violence de l'impact et la distance de freinage sont réduites.

Garder un œil sur les deux bords de la route

Des animaux peuvent aussi bien courir dans la rue par la gauche que par la droite. Une prudence particulière s'impose sur les tronçons traversant une forêt. Il importe donc que l'automobiliste garde toujours un œil sur les deux bords de la route.

Toujours s'attendre à plusieurs animaux

Les sangliers et les chevreuils sont des animaux de troupeau. Les conducteurs doivent toujours s'attendre à rencontrer plusieurs animaux.

Freiner, klaxonner, ne pas utiliser les phares

- Si l'on rencontre du gibier sur la route, la seule solution est de freiner et de klaxonner.
- Klaxonner peut faire fuir le gibier de la route.
- En revanche, les phares ou des appels de phares éblouissent l'animal et lui rendent la recherche d'une voie de fuite plus difficile. De plus, des phares allumés éblouissent les véhicules qui s'approchent sur la voie opposée, de sorte à ce que le conducteur risque de voir l'animal trop tard ou pas du tout. Il convient donc d'allumer plutôt les feux de détresse que les phares.

Si une collision semble inévitable

Si une collision ne peut être évitée, le conducteur doit freiner aussi fort que possible et maintenir le volant en position droite.

Des mouvements de volant ou des manoeuvres d'évitement brusques peuvent faire déraiser le véhicule et entraîner une collision avec des véhicules s'approchant sur la voie opposée ou un arbre, ou encore le faire glisser dans le fossé le long de la route. Tout ceci peut avoir des conséquences bien plus graves que la collision avec l'animal.

APRÈS UNE COLLISION:



- Si nécessaire, appeler une ambulance (tél. : 112) ;
- Veiller à sa propre sécurité et mettre le gilet de sécurité ;
- Sécuriser le lieu de l'accident : Allumer les feux de détresse et mettre en place un triangle de signalisation ;
- Prévenir la police (tél. : 113).

La police rappelle qu'il ne faut pas toucher ou charger l'animal percuté dans son véhicule voire même l'évacuer. L'enlèvement d'un animal accidenté n'est autorisé qu'après avoir reçu l'autorisation des autorités ! Dans le cas contraire, la personne en question risque des poursuites pour braconnage.

Die Herbst- und Wintermonate sind aufgrund der fortgeschrittenen Dunkelheit und der schlechteren Sichtverhältnisse besonders gefährdet für Einbrüche. In diesem Zusammenhang möchte die Polizei daran erinnern, dass eine gute mechanische Sicherung des Hauses, eine Alarmanlage, aber auch individuelle Aufmerksamkeit das Risiko, Opfer eines Einbruchs zu werden, erheblich verringern.

TIPPS UND VORBEUGENDES VERHALTEN

Befolgen Sie die richtigen Verhaltensregeln:

- Schließen Sie Ihre Außentüren, Fenster und das Garagentor immer ab, auch wenn Sie nur kurz weg sind.
- Schalten Sie Ihre Alarmanlage immer ein, auch wenn Sie nur kurz abwesend sind.
- Beleuchten Sie Ihr Haus am Ende des Tages mit einer automatischen Zeitschaltuhr.
- Informieren Sie Ihre Nachbarn, wenn Sie für längere Zeit abwesend sind.
- Melden Sie verdächtige Personen oder Autos der Polizei.



WUSSTEN SIE, DASS ... ?

Im Durchschnitt dauert ein Einbruch nicht länger als 5 bis 10 Minuten (Einbruch und Durchsuchung der Wohnung). Einbrüche können sowohl tagsüber als auch in der Nacht stattfinden.

Normalerweise sucht ein Einbrecher keine Konfrontation mit dem Bewohner und flieht, wenn er bemerkt, dass der Bewohner ihn gesehen hat. Dennoch: Wenn der Bewohner merkt, dass gerade ein Einbruch stattfindet, ist es nicht ratsam, den Einbrecher direkt zu konfrontieren. Alarmieren Sie stattdessen die Polizei und machen Sie den Einbrecher darauf aufmerksam, dass er nicht unbemerkt geblieben ist, indem Sie z. B. Lärm machen, schreien oder die Beleuchtung einschalten.





WAS TUN...?

Wenn Sie Opfer eines Einbruchs geworden sind, wenden Sie sich sofort unter der Notrufnummer 113 an die Polizei und warten Sie auf die Ankunft der Beamten. Fassen Sie am Tatort nichts an, ordnen, reinigen oder werfen Sie nichts weg, um keine Spuren zu zerstören, die bei den Ermittlungen wichtig sein könnten.

Für weitere **Informationen** und **Ratschläge**, informieren Sie sich kostenlos bei der **Präventionsabteilung der Polizei** :

SERVICE NATIONAL DE PRÉVENTION DE LA CRIMINALITÉ

 (+352) 244 24 40 33

 prevention@police.etat.lu

RÉCKBLÉCK/ RÉTROSPECTIVE



Nationalen Aschreiwungsdag fir déi auslännesch Matbierger fir d'Gemengewalen

Bei dëser Geleeënheet huet déi deemoleg Integratiounskommissioun den 18. Mäerz 2023 en Informatiounsdag organiséiert, wou déi auslännesch Matbierger iwwer d'Gemengewalen informéiert gi sinn an sech och konnten aschreiwen. Dësen Dag war kombinéiert mat enger porte ouverte vum Gemengenhais, dem Jugendhais an der technescher Hal.

Weiderhi gouf och ee Scheck u Médecins sans Frontières iwwerreecht **iwwer 1.500 €**, dëse Betrag war dat Joer virdru gesammelt ginn um Integratiounsdag, organiséiert vun der Integratiounskommissioun, der Maison Relais an dem Jugendhais.

11.6.2023

Gemengewalen
Elections Communales
Municipal Elections
Elections Municipales
Gemeindegewahlen

Ech ka wäelen - Aschreiwung bis de **17.04.2023**
Je peux voter - Inscriptions jusqu'au **17.04.2023**
I can vote - Registration until **17.04.2023**
Eu posso votar - Inscripciones até **17.04.2023**
Ich kann wählen - Einschreibung bis **17.04.2023**

Le Commission Consultative Communale d'Intégration de la Commune de Dalheim vous invite à la Journée Nationale d'Inscription avec Porte ouverte pour toute la population

16.03.2023 - 10.00 - 16.00
autour de la Mairie



Eng wuelverdénchte Pensioun

No 33 Joer, déi de Christian JUNG, besser bekannt als „Gy“, bei der Gemeng Duelem geschafft huet, hu mir de **24. Mäerz 2023** seng wuelverdénchte Pensioun gefeiert. Bei dëser Geleeënheet waren seng deemoleg Buergermeeschteren a Schäffen invitéiert, de Gemengerot, souwéi seng Aarbechtskolleegen.

Mir wënschen em Gy weiderhi vill Freed a senger Pensioun.

Sécherheetsdag zu Duelem

Den **19. Mee 2023** huet déi deemoleg Sécherheetskommissioun vun der Gemeng Duelem ee Sécherheetsdag fir d'Grondschoolschüler organiséiert. Dësen huet stattfonnt um Campus vun der Schoul zu Duelem a war mat flotten Atelierien eng léierräich Aktivitéit fir d'Schüler, d'Schülerinnen an och Schoulpersonal. Si kruten ënnert anerem en Abléck an eng Ambulanz, e Pompjeeswon, e Policewon an eng Policecamionnette. Donieft kruten si och Erklärungen iwwer dat verschiddent Material dat vun deene verschiddenen Beruffssparten am Alldag genotzt gëtt. Och de Police-Helikopter war am Asaz an huet en Tour iwwer d'Schoul gedréint.

Ee grouse Merci un d'Pompjeeën an d'Police fir hir Disponibilitéit.

Konschtmaart zu Duelem

Den **20. an 21. Mee 2023** huet de mëttlerweil traditionelle Konschtmaart, organiséiert vum deemolege Schäfferot, Gemengerot an der Kulturkommissioun vun der Gemeng Duelem, stattfonnt.

Flott Stänn waren ze fannen an der Kettegaass, an der Krautemergaass an am Centre Culturel. Musikalesch hu Les Gavroches, Lungo a Mil, d'Moukekingen an den Duo Stéphane fir eng flott Stëmmung gesuert.



Duelemer Kultur-Summer 2023 Vill Musek a Spaass am Réimertheater

Grad dat herrlecht Hierschtwieder, wat eis bis wäit an den Oktober era begleet huet, mëscht et méi einfach, sech un déi schéi Momenter ze erënneren, déi mir och dese Summer nees am Réimertheater erliewe konnten. No der Corona-bedéngter Paus an de Joren 2020 an 2021 konnten an den zwou leschte Spillzäiten endlech nees Artisten, déi mir zum Deel schonn aus fréiere Jore kannt hunn, op de Brieder am Neie Wee oprieden.

Wéi et méttlerweil zur Traditioun ginn ass, gouf och des Kéier Wäert geluecht op e flotte Mix vu Genren, dee bei eisen treie Clienten alt nees op vill Echo gestouss ass, sou dass déi am ganze véier Spektakelen alleguer viru volle Bänke konnten opgefouert ginn.

Fir d'Gemeng Duelem soll dat eng Verflichtung sinn, och an Zukunft weider un der Animatioun vum Theater zeschaffen, dee fir eist Landeemoleg ass an dee mir all Joer fir eis Opféierunge vum zoustännege Kultur-Ministère zur Verfügung gestallt kréie, begleet vun enger generéiser Ënnerstëtzung, fir déi mir nodréiglech wëlle Merci soen.

E Merci si mir och der Famill Linden vun Duelem schëlleg, déi eis erëm eng Kéier hir Plaz virum Theater zur Verfügung gestallt huet, fir dass mir eis Gäscht vir a no de Spektakelen am Theater nach e bësse verwinne konnten. Lo awer zum Programm selwer:

Dicks-Owend de 6. Juli 2023

Fir d'Organisateuren an d'Gäuscht gläichzäiteg war den Dicks-Owend, deen de bekannte Lëtzebuurger Duo Hoffmann-Hartmann eis bei Geleeënheet vum Lëtzebuurger Nationaldichter Edmond de la Fontaine (Dicks) sengem 200. Gebuertsdag virgeschloen hat, a gewässer Hisiicht eng grouss Virwëtzut, well keen esou richtig wousst, wat op eis géif zoukommen.

D'Vertrauen an d'Artiste sollt awer net enttäuscht ginn, och wann déi eng oder aner Zeen e bëssen Nodenken erfuerdert huet, well et jo net ëmmer einfach ass, sech mat Situatiounen an eiser haiteger Zäit zurechtzefannen, déi sech esou am viregte (19.) Joerhonnert zougedroen hunn.

Den Theaterschreier selwer als Spectateur a Bewäerter vun de Personnagen aus sengen eegene Stécker – dorop muss een emol kommen. Well si awer dem Dicks seng verschidde Stécker aus dem Effeff kennen, hunn d'Yannchen Hoffmann an de Carlo Hartmann et verstanen, zesumme mam Schauspillerkolleeg Marcel

Heintz an der Begleedung vum Louis Specogna e Spektakel op d'Bün ze bréngen, dat net nëmme dem Auteur Dicks zur Eier gereecht, mee och d'Leit op de Sëtzer beschtens ameséiert, zum Deel awer och un d'Nodenke bruecht huet.

D'Zäit vergeet, a gläicht sech dach ëmmer nees op en Neits... Wat ëmmer bleift, dat sinn déi schlecht a manner schlecht Naupe vun de Leit, zum Dicks senger, wéi och zu eiser Zäit.



D'Dëppegeisser zu Duelem den 13. Juli 2023

E ganz lëschtegen Owend hunn eis Gäscht erlieft mam Oprétt vun den „Dëppegeisser“, déi eng Woch méi spéit, den 13. Juli, am Theater fir eng flott a beschwéngt Stëmmung gesuert hu mat hire Lidder, déi si iwwer déi lescht bal 20 Joer am ganze Land bekannt gemaach hunn. Op hir lëschteg a labber Aart a Weis hunn d'Dëppegeisser et verstanen, d'Leit un d'Matklappen an deelweis och Matsangen ze kréien, sou dass jiddwereen zu sengem Spaass sollt kommen.

Ganz besonnesch flott war awer de Schluss vum zweeten Deel, wou dat herrlecht Summerwieder d'Musikanten an hir Nolauschterer aus dem Theater erausgedriwwen huet an si alleguer sech em de „Läschweenchen“ versammelt hunn, deen dese Owend, méi wéi jee virdrun, Deel vum Spektakel war.

E gutt opgeluechten Orchester a Leit, déi sech mateneen un der beschwéngter Musek gefreet hunn, dat war den Erfollegsschlüssel vun diesem Owend, deen all déi, déi derbäi waren, nach laang a beschter Erënnerung behalen hunn.



La Boca – Tango's-Owend den 20. Juli 2023

A beschter Erënnerung bliwwen ass och dee méi besënneleche Concert vum lëtzebuergeschen Tango-Ensemble „La Boca“, deen eng Woch méi spéit zu Duelem op Besuch war. Virleefen vum deem Concert war den Optrëtt vum Vania Lecuit, déi d'Joer virdu mam Duo Hoffmann-Hartmann schonn zu Duelem opgefoll waren, an déi sech eng Freed draus gemaach huet, mat „hirem“ Ensemble „La Boca“ e ganz héichwäertegen Instrumental-Concert zu presentéieren.

„La Boca“ - deen Numm steet fir e Quartier vun der argentinescher Hauptstadt Buenos Aires, deen do beim Hafe läit an doduerch eng besonnesch Atmosphär vu Melancholie, Trauer, an awer och besonnescher Liewensfreed an Hoffnung verënnerlecht, déi néierens besser zum Ausdruck kennt wéi beim Tango, dee vun Argentinien aus duerch d'ganz Welt zu enger Erfolgsgeschicht fonnt huet.

Déi fënnef Museker vu „La Boca“ hunn net nëmme mat hirer héichklasseger Konscht fir Begeeschterung bei de Nolauschterer gesuert, mee si haten och als „Kiischt um Kuch“ eng weltwäit Première ze bidde mat engem Stéck, wat fir déi alleréischte Kéier zu Duelem opgefouert gouf. Och bei deem Owend huet et kengem vun eise Gäscht leedgedoen, dass hien oder si deen Owend derbäi waren.



„Eviva la Musica“ de 29. Juli 2023

Mam Csaba Fazekas an der Ruxandra Barac, déi vun der Alina Amras um Piano an dem Dmitrij Gornowskij um Cello begleet goufen, hate mir fir den Ofschloss vum Kultur-Summer 2023 net nëmme „al Bekannter“ zu Duelem op Besuch, mee si hunn eis all mat engem flotte Potpourri vu bekannten a manner bekannten Arien a Lidder aus Operen an Operetten erfreet, déi op den historiesche Steng vum réimeschen Theater fir eng besonnesch Stëmmung gesuert hunn. Verona huet – e bësse – grësse gelooss.

Vu Rossini iwwer Mozart, Saint-Saens, Offenbach a Chopin – fir nëmme déi ze nennen – huet sech dee Kranz vu Komponiste gestreckt mat hire Lidder, déi mir deen Owend op eng iwwerzeegend Aart a Weis virgedroe kruten.

Interessant war och de Wiessel vun de classeschen Operemelodien ob manner bekannten Instrumentalstécker, déi den Cellist Dmitrij Gornowskij op meeschterhaft Manéier virgedroen huet. Stëmmlech hunn esouwuel d'Ruxandra Barac wéi och den Csaba Fazekas eemol méi voll a ganz iwwerzeegt. Bei deem grouse Repertoire, deen d'classesch Musek ze bidden huet, wier et net erstaunlech, wa mir mat deesen Artisten och an Zukunft nach deen een oder anere flotte Concert-Owend zu Duelem am réimeschen Theater kéinten erliewen. Wait and see...



E leschten a besonnesche Merci fir den Erfolleg vum Kultur-Summer 2023 wëll d'Gemengeverwaltung awer och deene ville Leit hannert de Kulissen aussprechen, de Mataarbechter vum techneschen Déngscht vun der Gemeng an de Membere vun der Kulturkommissioun, déi vill Aarbecht an Zäit geaffert hunn, fir dass déi verschidden Evenementer esou konnten duerchgefouert ginn.

An domat riichte mer de Bléck dann och schonn op d'Joer 2024, wou déi nei Kulturkommissioun de Fändel soll iwwerhuelen, fir e weidere flotten a villsäitege Kultur-Summer zu Duelem ze organiséieren.

Nicolas Dicken

Green Events

Als Veräin, an deem och vill Jonker engagéiert sinn, wëlle mir mam gudden Beispill virgoen an déi negativ Auswierkungen op eis Ëmwelt, d'Awunner sou wéi d'Klima reduzéieren! Dës waren eis Beweegrënn fir eist traditionellt Schampesfest am Kader vun der Fête de la Musique, als Green Event ze organiséieren.



© Fanfare Gemeng Duelem

Wéi eng Moosnamen hu mir bei eisem Schampesfest ëmgesat?

Fir eist d'Schampesfest nohalteg ze gestalten hu mir, ënnert anerem, folgend Moosnamen ëmgesat:

- Komplette Verzicht op Plastik oder Eewe-Geschier: Glier am Platz vu Becheren, Barquettë fir an d'Spullmaschinn bei de Fritten a Fliichte genee wéi normal Telleren a Besteck.
- E groussen Deel vun eise Produiten (lessen a Gedrénks) ware bio, regional oder fairtrade;
- Separat Poubellë mat Kennzeechnung fir Biooffall, Glas, Kartong, Plastik a Reschtoffall;
- Ekologesch Botz- an Hygiènesartikelen;
- Energieeffizient Belichtung (LED-Girlanden);
- 100% recycléierte Pabeier fir eis Flyeren;
- Parking fir d'Vëloen;
- Keng onnéideg Dekoratioun;
- Lokal a regional Bands fir de musikalesche Programm.

Eise Fazit als Veräin?

Mir sinn immens zefridde mam Ausgang vun eisem Fest! De Méiopwand bei der Organisatioun an deelweis och bei de Käschten huet sech definitiv gelount a mir si prett fir déi nächste Joren, wou verschidden Ufuerderungen, wéi de Verzicht op Plastik an Eewe-Geschier souwisou vum Gesetz hir obligatoresch ginn. Nach méi houfreg si mer awer op déi positiv Reaktioun vun de Visiteuren! Och Si waren u vill Traditiounen am Kader vun eisem Schampesfest gewinnt, mee jiddereen huet eis ënnerstëtzt an eis Recommadatioune mat ëmgesat.

Aus deem Grond huet de Comité och schonns decidéiert fir d'Schampesfest 2024 nees ënnert dem Label „Green Events“ lafen ze loossen. Egrousse Merci och un d'Veräiner an d'Duelemer Gemeng, déi eis Material geléint hunn an eise Veräi bei dëser Initiativ ënnerstëtzt hunn.

Fanfare Gemeng Duelem



© Fanfare Gemeng Duelem



© Fanfare Gemeng Duelem

Green Events ass e Projet, deem op Initiative vum Ministère fir **Ëmwelt, Klima** an **Nohalteg Entwécklung** lancéiert gouf a gëtt vum Oekozerter Pafendall ASBL an der Superdreckschëscht geréiert.

Méi Informatiounen op:
www.greenevents.lu



Den Duelemer Adler

De 4. September 2023 huet den Här Norbert LINDENLAUB, Kommitteesmember vun de Ricciacus Frënn asbl, een interessante Virtrag gehal iwwer den Duelemer Adler.

Bei dëser Geleeënheet huet dësen d'Chronologie iwwer d'Entstoe vum Denkmal, den histoeresche Kontext, an seng eegen Interpretatioun heizou presentéiert.

Peace-Run



© Laurent Stoffel

Donneschdes, den 21. September war d'Staffel zu Duelem an der Grondschoul op Besuch.

Si koume vu Rëmerschen iwwer Elleng a Welfreng op Duelem. Bei der Schoul goufen si vun all de Kanner aus der Schoul mat engem Danz begréisst. Duerno hunn d'Leefer hire Projet virgestallt an e puer Spiller mat de Kanner gemaach, fir hinnen de Gedanke vum Fridde méi no ze bréngen. No enger hallwer Stonn an enger klenger Stärkung hunn d'Leefer vum Peace-Run sech weider Richtung Conter gemaach.



© Laurent Stoffel

Scouten

D'Scoutsjoer **2023/2024** huet dëst Joer mat eisem Schnupperdag den 23. September 2023 ugefaangen. Hei hu mir Dieren obgemaach fir jiddweree wou interesséiert war/ass an d' Scoute luussen ze kommen. Am Alter vu 6 Joer (Cycle 2.1) bis 99 Joer ass jiddweree bei eis Wëllkomm. Mir konnten deen Dag 10 nei Kanner begrësse, déi elo weider an deene kleng Branchë Biber a Wëllefcher aktiv sinn. Zesumme mat hinnen hu mir elo eng 15 Biber an 23 Wëllefcher.

De 14. Oktober hate mir du eng extra Versammlung. Eis Montée'e stoung virun der Dier. Ob dësem Dag hu 15 Biber de Mumm fonnt erop bei Wëllefcher ze klammen. Eng 8 Wëllefcher hunn dee selwechten Dag et erop an AvEx gepackt.



Den nächste Rdv woar du de **15. Oktober** fir de Commemoratiounsdag. Hei hu mir um Cortège, der Mass an dem Éierewäin deelgeholl. Hues du elo Loscht kritt bei eis als Chef mat ze wierken a flott Erlebnisser fir a mat Kanner a Jugendlecher ze gestalten? Dann mell dech gäre bei eis.

Et kann een och gären ob eis Homepage luusse goen:

www.lgs.lu/duelem.

Mir freeën eis schonn ob déi nächst Aktivitéiten déi an dësem Joer ustinn.

Deborah
Biber-/Wëllefcherschef HI Maerten Duelem



BICHERBUS

2024 - 2024

Mäerz - Juli

wuer a wéini kënnt de Bicherbus

MÉINDES T10

Bierchem	09:10 - 10:00	18. Mäerz
Uespelt	10:20 - 10:50	22. Abrëll
Munneref	11:00 - 11:40	13. Mee
Duelem	13:15 - 13:55	10. Juni
Helleng	14:15 - 15:05	01. Juli
		22. Juli



© Tessy Mayer

De séchere Schoulwee

Den 13. Oktober 2023 war de Schäfferot op Besuch an der Grondschool fir de Schüler a Schülerinne reflektéierend Unhänger fir un hire Schoulsak ze hänken ze verdeelen. Dës si vum Schoulpersonal ausgesicht a bei der Sécurité Routière vun der Gemeng Duelem bestallt ginn. Dës sollen hëllefen d'Kanner um Schoul- an Heemwee besser ze gesinn. D'Schoulpersonal krut bei dëser Geleeënheet och Sécherheetsgilete fir d'Schüler a Schülerinnen iwverrecht.



© Tessy Mayer

BOO



Kichelcher gebak, witzeg Spiller virbereet, sech grujeleg Geschichten ausgeduecht an erzielt, Kostümer beschwat, Iddie fir Schminken an och grujeleg Snacks a Gedréngs goufe fir den Halloween Buffet gesammelt, an eng Spooky Halloween Playlist fir den Danzworkshop fir d'Party erstallt.

Dat wichtegst fir Halloween war an ass natierlech de richtege Kostüm!

D'Kanner an déi pedagogesch Equipe hunn sech an Hexen, Vampiren, Gespenster, Spannen, Mumien, Kürbissen, Draachen, Skeletter, Prinzessinnen a Fliedermais ... verwandelt an hunn zesummen eng mega grous HELLOWEEN-PARTY am „SEA an de Wolleken“ gefeiert.

Yohan Merlet an d'Équipe vum „SEA an de Wolleken,,

Halloween am SEA „An de Wolleken“ de 27. Oktober



GRUJELEG...SCHÉIN.....MOMENTER SCHAFFEN... MAT ENGEM HALLOWEEN-FEELING AM „SEA AN DE WOLLEKEN“

...verkleeden, dekoréieren, iessen a feieren... mat Halloween verbannen d'Kanner am „SEA an de Wolleken“ einfach verschidden Aktivitéiten, déi fir immens vill Spaass an Ofwiesslung am Alldag vun der Maison Relais suergen a Momenter schafen, déi fir d'Kanner onvergieslech bleiwen.

An der Woch virum Halloweenfest hunn d'Kanner an d'Educatouren zesumme geschafft fir grujeleg Masken, Girlanden a Geeschter ze maachen, hu Grujel-Biller gemoolt an opgehaangen, Grujel-



En Owend mat den Déckkäpp



© Peggy Olinger

D'Amis de la Cerisaie asbl haten den **19. Oktober 2023** en Owend mat den Déckkäpp am Centre Culturel zu Duelem organiséiert.



© Peggy Olinger



Halloweenparty am Jugendhaus

Den 28. Oktober 2023 huet d'Jill SIDON, wéi schonn déi Jore virdrun, eng flott Halloweenparty am Jugendhaus organiséiert. Déi Jugendlech haten sech verkleet a bei engem gudde Maufel a flotter Musek e puer flotter Stonne verbruecht.



© Jill Sidon



© Jill Sidon

Dag vum Bam

De 17. November 2023 hunn d'Schüler a Schüle-
rinnen aus dem Cycle 4.1. vun der Grondschoul
Duellem, zesumme mam Fierschter Tom ENGEL
an de Bëschaarbechter, 10 Beem (Kiischten-
an Äppelbeem) geplantz. Duerno ass et ee waarme
Schocki an eng Schockelasrull gj fir sech opze-
wiermen.



© Peggy Olinger



© Peggy Olinger



© Peggy Olinger

Kaffiskränzchen am Jugendhaus

Den **9. November 2023** huet ee flotte Kaffiskränzchen, organiséiert vum Jill SIDON, Responsabel am Jugendhaus, mat de Bewunner aus dem Foyer La Cerisaie am Jugendhaus stattfonnt.

Bei Kaffi a Kuch ass vill gelaacht, gesongen a souguer gedantzt ginn.

D'Bewunner aus dem Foyer La Cerisaie hunn et esou flott fonnt, dass si de Wonsch geäussert hunn dëst kéint méi oft organiséiert ginn.





Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen

Den 1. Dezember 2023 war de Kleesche mam Houseker d'Kanner aus der Maison Relais „An de Wolleken“ besichen, wou hien hinne Schneekeeteen ausgedeelt huet, wat fir gross Ae gesuert huet.

Den 3. Dezember 2023 huet de Kleeschen de Wee nach eng Kéier mam Houseker an ons Gemeng fonnt, wou hien, begleet vun der Fanfare Gemeng Duelem an der Chorale vun Duelem, d'Kanner an déi dräi Dierfer besiche gaangen ass. Och hei kruten d'Kanner Séissegkeete vum Kleesche fir d'Zäit bis de 6. Dezember besser ze iwwerbrécken.

Als Ofschloss huet de Kleeschen och nach d'Bewunner aus dem Foyer La Cerisaie besicht, wat fir dës wéi all Joers eng gross Freed war.



DE GROUPE DE SUPPORT PSYCHOLOGIQUE REKRUTÉIERT MEMBEREN

All Accident hannerléist Spueren

HËLLEF EIS HËLLEFEN!

Du brauchts keng psychologesch Virkenntnesser a léiers an enger
Formatioun vun engem Joer alles wats Du um Terrain brauchts




CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS



MÉI INFORMATIOUNEN OP WWW.112.LU

ZÄIT FIR ZE ISOLÉIEREN

PROFITÉIERT VUN
DE SUBSIDEN!



beihilfen.klima-agence.lu

Et ass Zäit fir ze isoléieren, fir Äre Wunnonfort ze erhéijen,
Är Energierechnungen ze reduzéieren an de Planéit ze schützen!
Gitt méi iwwert d'Subside gewuer, déi Äre Projet zu engem Erfolleg maachen.
Déi gutt Noriicht: Handwierker, Architekten an Ingénieurs-Conseils
hëllefen lech bei all Etapp vun Ärer Renovatioun.

An Zesummenaarbecht mat:



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG



CHAMBRE
DES MÉTIERS
LUXEMBOURG



FÉDÉRATION
DES ARTISANS




OAI
ORDRE DES ARCHITECTES
ET DES INGÉNIEURS-CONSEILS



klima
agence

Shaping our
future together



CREMATORIUM
de
LUXEMBOURG

Opgepasst!

Well am Moment am Krematorium zu Hamm Erweiterungs- an Ëmbauarbechte sinn, kënnen Verzögerungen entstoën, besonnesch bei den Abschiedsfeieren. Dës Zäit ass duerch intensiv Bauarbeiten mat vill Kaméidi gepräagt.

Un all d'Familljen, déi hir Léifsten verluer hunn: Fir Iech eng Alternativ während dëser sensibeler Zäit unzebidden, ermontere mir Iech bei Ärer Gemeng nozefroen, fir aner Plaze fir Är Trauerfeieren ze fannen.

D'Verstreeë vun den Äschen ass méiglech zu Hamm op der Streewiss.

Fir méi Informatiounen <https://sicec.lu>

Attention !

En raison des travaux d'extension et de rénovation au Crématorium de Hamm, des retards peuvent survenir, notamment lors des cérémonies d'adieu. Malheureusement cette période s'accompagne d'une présence accrue de travaux, créant une ambiance de chantier.

À toutes les familles endeuillées: Pour vous offrir une alternative lors de ces moments sensibles, nous vous encourageons à vous rapprocher de votre mairie afin d'envisager d'autres lieux pour vos cérémonies commémoratives.

La dispersion des cendres est possible sur la pelouse de dispersion à Hamm.

Pour plus d'information <https://sicec.lu>

g! - Vill Kaméidi durch gréisser Aarbechten am Krematorium zu Hamm. Zesumme fanne mir eng Léisung! - Vi
on! - Fortes nuisances en raison de travaux au Crématorium de Hamm. Ensemble trouvons une solution! - Fo

Chantier en cours - Baustell am Gang - Chantier en cours - Baustell am Gang - Chantier en cours - Baustell am C
ng - Chantier en cours - Baustell am Gang - Chantier en cours - Baustell am Gang - Chantier en cours - Ba

Septembre 2023-Décembre 2024



Administration communale de Dalheim

Bureau de la Population / Etat Civil / Indigénat

Matin : lundi - vendredi : 08h00 - 12h00 (07h00 - 08h00 sur rendez-vous)

Après-midi : mardi - jeudi : 13h30 - 16h00 (16h00 - 17h00 sur rendez-vous)

Un rendez-vous peut être pris pour les démarches administratives urgentes.

Fermé lundi et vendredi après-midi.

M. PHILIPPI Hervé	23 60 53 223
Mme DRAGUSIC Ivana	23 60 53 224

Comptabilité

Matin : lundi - vendredi : 08h00 - 12h00

Après-midi: mercredi : 13h30 - 16h00

mardi et jeudi : 13h30 - 15h00

Fermé lundi et vendredi après-midi.

Mme WEIMERSKIRCH Eliane	23 60 53 222
-------------------------	--------------

Recette

Matin : lundi - vendredi : 08h00 - 12h00

Après-midi : mercredi - jeudi : 13h30 - 16h00

Fermé lundi, mardi et vendredi après-midi.

Mme KIEFFER Myriam - receveur	23 60 53 221
-------------------------------	--------------

Secrétariat

Uniquement sur rendez-vous.

Mme NICLOU Joëlle - secrétaire communal	23 60 53 232
---	--------------

Mme RASSEL Romaine	23 60 53 230
--------------------	--------------

Mme DE PERCIN Henriette	23 60 53 231
-------------------------	--------------

Service technique

Uniquement sur rendez-vous.

M. STREEF Claude - préposé au service technique	23 60 53 273
---	--------------

M. NEUKIRCH Markus	23 60 53 272
--------------------	--------------

M. RODRIGUES Paulo	23 60 53 270
--------------------	--------------

M. MATHEY Jos	23 60 53 271
---------------	--------------

Service Eau

M. MATHEY Jos	621 31 41 95
---------------	--------------

Délégué à la sécurité

M. GOMES Carlos	621 46 88 09
-----------------	--------------

Centre de recyclage

23 60 53 274

Horaires d'ouverture HIVER (31.10.2023 - 30.03.2024)

Mardi, jeudi, samedi : 13h30 - 16h30

Fermeture annuelle du jeudi 28 décembre 2023 au samedi 30 décembre 2023 inclus.

Horaires d'ouverture ÉTÉ (02.04.2024 - 31.10.2024)

Mardi et samedi : 13h30 - 16h30; jeudi : 13h30 - 17h30

Maison des Jeunes

Mardi - Jeudi : 14h00 - 19h00

Vendredi : 16h00 - 22h00

Samedi : 15h00 - 19h00 (peut varier selon les activités)

Mme SIDON Jill	26 67 26 74
----------------	-------------

Zesumme mat dësem éischte Buet kritt Dir och de Kalenner vun der Gemeng fir d'Joer 2024 ausgedeelt. An dësem Kalenner fannt Dir all Manifestatiounen, déi vun der Gemeng oder vun engem vun de Veräiner organiséiert ginn, an och den Offalkalenner. Versuergt de Kalenner gutt, et ass Ären treie Begleeder duerch d'Joer.

Ensemble avec ce premier bulletin communal, vous recevrez également le calendrier de la commune pour l'année 2024. Vous y trouverez toutes les manifestations organisées par la commune ou par une des associations, ainsi que le calendrier des déchets. Ce calendrier sera votre compagnon fidèle pendant toute l'année, conservez-le donc bien.



Mir erënneren Iech drun, dass **d'Ofschësse vu Knupperten oder Freedefeier um Territoire vun der Gemeng verbueden ass**, och op Silvester an Neijoerschdag.

Nous vous rappelons que **les feux d'artifices et les pétards sont interdits sur le territoire de la commune**. Cette règle s'applique également le soir de la St. Sylvestre et le Jour du Nouvel An.



D'Gemeng Duelem **wënscht**
schéi Chrëschtdeeg an e
gudde **Rutsch an d'Joer**
2024

